N° 4908
Reçue le 29.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 574/21

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 28 septembre 2021

**Objet:** Question parlementaire n°4908 de l'honorable Député Monsieur Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4908 de l'honorable Député Jeff Engelen**

1. **Deelt d'Regierung d'Meenung, datt Reserveantibiotika komplett misste verbuede ginn? Wa jo, wéi begrënnt d'Regierung hier Positioun?**

   D'Antibiotikaresistenz (AMR) ass e grousse Probleem vun ëffentlecher Gesondheet dee riskéiert zouzehuelen wann an den nächsten Joren Näischt dogéint ennerholl gëtt.

   AMR d.h d'Resistenz vun verschiddenen Bakterien géint iwwer enger ganzer Rei vun Antibiotiken huet zur Folleg dass gewëssen bakteriell Erkrankungen net méi kënne geheelt ginn an esou stierwen all Joer an der EU eng 30.000 Leit un den Suitten vun der AMR.

   Den sanitäre Fléau ass bedéngt duerch den inadequaten Asaz vun Antibiotiken an dat souwuel an der Human- wéi och an der Veterinärmedizin.

   Fir ze verhënneren dass an Zukunft weider Menschenliewen duerch AMR ze bekloen sinn, ass et wichteg eng Rei Reserveantibiotika fir d'Veterinärmedizin net ganz ze verbidden mee streng ze reegelen d.h si däerfe just bei enger individueller Behandlung agesat ginn wann festgestallt gouf duerch den Antiobiogramm dass nëmmen dës Antibiotiken eng Wierkung op d'Bakterien hunn déi d'Krankheet ausgeléist hun.

2. **Wéi schätzt d'Regierung d'Geforen an d'Risike vun engem Verbuet vu Reserveantibiotika an?**

   De komplette Verbuet vum Asaz an der Veterinärmedizin vun der Reserveantibiotika wou ze definéieren bleift wéi eng dat sinn kann zur Folleg hunn dass ee bei bestëmmten bakterielle Erkrankungen keng Antibiotiken zur Verfügung huet fir dës ze heelen.

3. **Wéi ass der Regierung hier Positioun am Hibléck op d'Ausso vum President vun der Associatioun vun den däitschen Déierendokteren an dem däitschen Déiereschutzbond, datt d'EU wichteg wëssenschaftlech Erkenntnisser ignoréiert an iwwerdeems net transparent kommunizéiert, datt de Verbuet vu Reserveantibiotika sech op alle Déierenaarten applizéiert?**

   Et ass evident, dass d'EU wa se sech eng Legislatioun gëtt déi d'Beräicher ëffentlech respektiv Déierengesondheet betreffen, sech muss op déi lescht wëssenschaftlech Erkenntnisser baséieren an da musse ganz kloer Kriterien opgesat ginn ob a wéi déi sougenannt Reserveantibiotika däerfen agesat ginn.

4. **Ass d'Regierung an deem Kontext der Meenung. Datt e generellt Verbuet vu Reserveantibiotika bei den Déieren eng disproportionéiert Mesure ass?**

   Fir ze verhënneren dass d'Problematik vun der Antibiotikaresistenz sëch an de nächste Joren weider verschärft muss ee Moosnamen treffen am Sënn vun engem responsabelen Asaz vun den Antibiotiken souwuel beim Mënsch wéi och beim Déier.

Vu dass d'AMR haapsächlech e Probleem vun ëffentlecher Gesondheet ass muss ee sech d'Moyene ginn fir an Zukunft adequat Mëttelen ze hunn fir an der Humanmedizin géint bakteriell Erkrankungen virzegoen an do ass net onbedéngt e Verbuet mee op jiddwerfalls e ganz restriktiven Ëmgang vun den Reserveantibiotika an der Veterinärmedizin onëmgänglech.

Lëtzebuerg huet sech am Zesummenhang mat der Antibiotikaresistenz e Plan National Antibiotiques 2018-2022 ginn deen an verschiddenen Aktiounen am Beräich vum Antibiotikaasaz souwuel an der Human- wéi och an der Veterinärmedezin also nom Prinzip vum One Health sech zum Ziel gesat huet d'Problematik vun der AMR ze reduzéieren duerch en adequaten Asaz vun den Antibiotiken beim Mënsch a beim Déier.

---------------------------------------------------------